PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 13. Juni 2017 iwwert « Comptes de Paiement » gouf zu Lëtzebuerg en « Compte de Paiement de base » agefouert, deen ënnert anerem och vun der POST ouni Fraisen offréiert gëtt. Dëse Kont ass e wichtegen Outil, fir jidderengem en Accès zu Bankkonten ze ginn, onofhängeg vun Akommes, Kreditwierdegkeet a Mobilitéit.

Et ass ze verstoen, datt et duerch d'COVID-19 Pandemie zu verlängerten Delaie kënnt, elo ass et awer esou, datt Clienten, déi esou e Kont ugefrot hunn, vun Delaien, déi iwwert e Mount daueren, betraff sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat sinn d'Ursaachen dovun, datt d'Opmaache vun engem Basiskont esou laang Delaie mat sech bréngt?
2. Wéi eng Mesure goufen en place gesat, fir datt d'Post hirer ëffentlecher Missioun nokommen an zäitno e qualitative Service offréiere kann?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député